N°54
Entrée le 28.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.**

Vill Leit maachen sech eng Photovoltaikanlag op den Dach, fir selwer Energie hierzestellen. Nodeems d'Anlag um Dach installéiert ginn ass, muss een awer e Rendezvous mat der Creos maachen, fir dass eng Verbindung zum Stroumreseau gemaach gëtt. Et gouf un eis erugedroen, dass et dacks awer extrem laang Delaie gi bis d'Anlag finalement un de Stroumreseau kann ugeschloss ginn, obwuel domat längst Stroum kéint produzéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi laang dauert et an der Moyenne tëscht der Fäerdegstellung vun der Photovoltaikanlag an der Verbindung un de Stroumreseau duerch d'Creos?

2. Wat sinn d'Grënn, dass et deelweis e puer Méint dauert, bis d'Photovoltaikanlag un de Stroumreseau ugeschloss gëtt?

3. Wat kéint gemaach ginn, fir dass den Uschloss un de Stroumreseau méi séier geet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten